NEWSLETTER

MLGREEN ËMWELTGRUPP

zënter 2018

Juni2022

Porte-ouverte 2022

Den **MLGreen** an den **MLGaart** waren och op eiser **Porte ouverte** aktiv an hunn op hirem Stand hier Aktivitéiten a Projete präsentéiert.

Hei konnten d'Visiteuren sech och an enger Rei vu Quizzen beweisen an eng **Sonneblumm** als Souvenir mathuelen.

Neie Look fir eis Waasserspender

Ënnert der Leedung vum **Cindy Di Nicolo** hu 4 motivéiert Schülerinnen vun der **ACTPA Afternoon Art** eis Waasserspender an der Schoul verschéinert. Sou sollen eis **Waasserspender** méi an Szene gesat ginn an eis Schüler awer och all aner Member vun der Schoulgemeinschaft dozou motivéieren op Einwegplastikflaschen ze verzichten.

Dem **Cindy** an eise Schülerinnen dem **Léonie**, **Fabiana**, **Chantal** an **Zoé** e grousse Merci fir hier wäertvoll Aarbecht!

MLGaart

Den 30. Juni ass den internationale Dag vum Gaart! Dësen Dag fungéiert als Symbol fir Ëmweltschutz, d'Gréngung vu Gäert a Gréngflächen a méi Biodiversitéit. **Och eisen MLGaart war aktiv!** Nodeems eis **Beien** de Wanter krankheetsbedéngt leider net iwwerstanen hunn, hunn mir no grëndlecher Rengegung vum Beiestack eis en neit Beievollek zougeluecht an op déi gewinnte Platz installéiert. An wonnert iech net dass mir d'Wiss net geméit hunn: Dëst hunn mir extra sou gelooss, dass eis Beie vill wëll Blumme fanne fir gesond a staark ze ginn! Sie hunn sech elo och gutt agelieft a produzéiere schoun fläisseg Nowuess an Hunneg!

Villäicht hutt dir och schoun eis nei Beplanzung am Schoulhaff gesinn: De Frühblüher hier Zäit huet sech dem Enn zoubeweegt, a mir hunn nieft **Kraider** wéi **Thymian** a **Peffermënz** och **Tomaten** an **Äerdbiere** geplanzt. Wann d'Wieder matspillt, da wuessen och geschwënn eis geséinte **Summerblummen**!

Sonneblummen-Challenge

Des Weideren leeft de Moment och nach eis **Sonneblummen-Challenge**! Fir dës Challenge kruten alleguer eis 7ièmen eng Sonneblumm ëm déi si sech musse bis zum Schluss vum Schouljoer këmmeren. De **12. Juli** gëtt déi schéinsten a gréisste Sonneblumm erausgesicht an d'Schüler vun der **Gewënner-Klass** kréien als **Belounung** eng Glace.

"Pick a Bike"

Den **3. Juni** ass den internationalen **Dag vum Vëlo** - en Aktiounsdag deen a verschiddenen europäesche Länner **zënter 1998** ofgehalen gëtt. Heiduerch soll op déi ëmmer méi grouss Problemer duerch de motoriséierte Verkéier higewiesen an dorop opmierksam gemaach ginn, dass de Vëlo dat ëmweltfrëndlechst, gesondsten a sozial akzeptabelst Transportmëttel ass.

Zu där Geleeënheet wëlle mir iech gären e neie Projet präsentéieren: den MLG Bikes **" Pick a Bike"!**

Mir invitéieren op eis **Green-Challenge** vum Mount



Green Living Tipp vum Mount

Mir alleguer sinn alldeeglech am Internet ënnerwee. Hei e puer Iddien wéi mir och eist Liewen online méi gréng kënnen gestalten.

Kuckt iech et un!

Klengschrett.lu

CLICK!

Loscht op eng nohalteg Oofkillung fir de Summer?

SCAN ME

Dann kuckt iech d'Rezept un

Anti-Gaspi 2 go

« AntiGaspi 2 go » est un **projet pilote** que **Restopolis** a élaboré sur demande du MLG et en étroite collaboration avec et le MLGreen.

Restopolis **distribuera gratuitement les produits non-vendus** à la fin des cours à 14h00.

La distribution gratuite des plats de midi se fera dans des barquettes écologiques biodégradables.

Escape-Room

Am Kader vun eiser ACTPA MLGreen hunn e puer Memberen vum Ëmweltgrupp sech am **Jugendzenter Märjendall** getraff fir zesummen un engem **Escape Room** Deel ze huelen. Hei konnten mir e puer flott Iddien sammelen fir eise nächsten Projet deen soll iwwer dat nächst Schouljoer ausgebaut ginn: en Escape Room zum **Thema Nohaltegkeet** fir eise Lycée.

mlgreen@mlg.lu